PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Kooperatioun weiderzeleeden.

Wéi den Artikel "Nachfrage für Impfungen rückläufig- Tausende Dosen landen im Müll" am Wort vum 5ten Abrëll bestätegt, sinn d'Impf-Statistike säit Enn Januar staark réckleefeg. An deem Kontext stellt sech da widderhuelt d'Fro, wat mat deenen Impfstoffer geschitt, déi sech hirem Oflafdatum rapprochéieren. Enn dës Mounts wäerten eng 4'700 Dosen Astra-Zeneca oflafen. Am Artikel heescht et, dass keng konkret Vereenbarunge bis elo mat aner Länner getraff gi wieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir konkret Aktiounen hunn de Gesondheets- a Kooperatiounsministère säit dem Oflafe vun den 13'000 Astra-Zeneca Dosen am Dezember 2021 ënnerholl, fir Impfdosissen, déi sech hirem Oflafdatum zouginn, un aner Länner weider ze ginn?

2. Gouf et konkret Diskussioune mat engem vun eise 7 Partnerlänner zu dësem Thema? Wa jo, mat wiem a wéini?

3. Déi 4'700 Dosen Astra-Zeneca wäerte warscheinlech net méi kënne virun der Zerstéierung gerett ginn. Déi nächst Dose Johnson&Johnson lafen den éischte Juni 2022 of. Wéi eng konkret Pläng huet de Ministère bis elo opgestallt, fir dës Dose weider kënnen ze ginn, vue dass dovun auszegoen ass, dass dës net méi all opgebraucht wäerte ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député